

MARYLÈNE SCHMIT

Gebierteg ass d'Marylène vu Bouneweg, an u sech wollt si Dekoratrice ginn. Hir Elteren waren awer deemools der Meenung, dass ee jonkt Meedchen besser hätt fir Sekretärin ze léieren. Dat wier dach mol eppes Anstänneges.

D'Marylène huet och désen Ofschloss an der deemoleger Berufsschoul gemaach, an ass, nom Ofschloss fir 10 Méint op London gaangen als Au-pair. Dëst war fir si eng richtig flott Experienz, an si konnt sech en plus am Engleschen perfektionéieren.

Wéi si nees zréck op Lëtzebuerg koom, huet si mol fir unzufänken op diversen Büro geschafft (Reesagencen, Publicitéitsbranche asw), mee de Reiz vum Neien war all Kéiers séier verflunn, soubal si familiär war an der neier Erausfuerderung.

Zimmlech séier stoung fir si fest: dat do ass et net. Et passt net bei mech.

D'Marylène Schmit wollt onbedéngt eppes mat hiren Hänn schaffen, an dobäi gouf si vun hirem spéidere Mann dem Rolf Schmitt (Schmitt mat 2 t) ënnerstëtzt.

Si ass op Mâcon op d'École des Beaux Arts gaangen.

Wat am Ufank sollt en Ausgläich zu der Sekretariatsaarbecht ginn, huet sech finalement zu enger richteger Vocation a Passioun entwéckelt.

D'Marylène wouss op emol genee: dat do ass dat Richtegt. Dat do passt.

Heiranner konnt si sech entfalen.

Besonesch geprägt gouf si vun hirem Proff dem Alain Girel, deen der Schoul zu Mâcon, déi bis dato haauptsächlech op Poterie ausgeriicht war, e neien Opdriff ginn huet. Si hunn dobaussen lewen vu bis zu 1000l gebaut, fir ze brennen, oder och nach e japanesche four couché. An deenen lewen huet ee missen selwer feieren, an d'Resultater waren genial: duerch de Fakt, dass mat Holz gefeiert gouf, hunn d'Aeschen -di bannenan am Uewen ronderëm gewierbelt sinn- sech mat der Glasur verbonnen. Et hat ee keen Afloss op d'Resultat, an den Uewen opzemaachen war all Kéier eng spannend Geschicht fir d'Resultat ze gesinn.

De Professor Girel huet d'Schoul a Richtung céramique d'art bruecht.



Fir hiren Ofschlossexamen gouf si opgrond vun hirer Expo bewäert. Am Jury war och ee Member vum Musée Lamartine vu Mâcon, wou nach haut een Objet vum Marylène steet.

Schonn deemools krut si vum Jury geroode a Richtung céramique d'art ze goen.

An dat war sécher dee richtegen Choix. Jiddereen deen dem Marylène seng Objete kennt, weess dass si eng onermiddlech a kreativ Kënschtlerin ass, di sech ëmmer nees nei erfënnt, a nees nei Saachen créiert.

1983 hat si den Diplome vum potier professionnel an dem céramiste d'art an der Täsch.

De Rolf war déi Zäit zu Darmstadt an der Architektur ënnerwee.

D'Marylène huet dat heitëscht Gebai vun hirer Galerie um Gehaansräch zu Gonneréng als Atelier kaaft. Dëst Gebai war eng fréier Héngerfarm. 1995 gouf et ëmgebaut, deels als Galerie an deels als Showroom fir dem Rolf seng Luuten. Si huet an hirem Atelier gewuddert, an tëscht 1985 an 1995 war sie Chargé de Cours fir Keramik an der Handwierkerschoul.

Mee wat ass dann eigentlech den Ënnerscheid tëscht poterie an céramique?

Poteriesobjets sinn ëmmer Gebrauchsgéigestänn, di op enger Scheif ofgedréit a spéider glaséiert ginn.

De Céramiste dogéint baut op der Hand Figuren an Objeten op, a modelléiert se.

Am Leem schaffen bitt esou vill Méiglechkeeten, seet d'Marylène. Si huet de Kapp nach ëmmer voller Iddien, an dat ass och gutt esou. Nëmme keng Routine weg.

1995 gouf renovéiert, an 1996 ass d'Galerie Celsius opgaangen

Wie schéin Objeten hierstellt, dee wëllt des natierlech och ausstellen.

Fir de Site (wou ee jo net noutgedrungen regelméisseg laanscht fiert well en um Wee läit), awer weiderhin interessant ze halen, huet d'Marylène gespuert, dass si misst eng lieweg Ofwiesslung un interessanten Exosante ubidden. Si ass op Antwerpen an op Frankfurt gefuer fir Aussteller ze fannen. Och duerch den Internet konnt si nei Kontakter hierstellen.

D'Artisten di bis emol beim Marylène ausgestellt haten, hunn si un aner Kollegeen weiderrecommandéiert, sou dass mer haut an der Galerie regelméisseg eng Panoplie un internationalen interessanten Artisten mat hiren extraen Créatiounen virfannen.

Di meescht kommen aus dem Ausland.



Mee zrëck bei de Potier/céramiste d'art Marylène Schmit (Schmit mat engem t).

Wat fir eng Qualitéiten muss een da mat sech bréngen fir ee gudde Potier oder Céramiste ze ginn?

Abee dat wieren eng gutt Mëschung aus Gedoltsaarbecht (well een all Objet ganz dax an d'Hand hëllt bis e fäerdeg ass), Prezisiounsaarbecht an natierlech enger décker Portioun Talent fir seng Iddien ëmzesetzen.

D'Marylène huet ganz vill Poterie gemaach, wéi hir Kanner nach kleng waren. Si war nobäi an konnt Familjeliewen immens gutt mat hirer Aarbecht verbannen.

Bei der Poterie kann zu all Moment eng Paus aleeën, a spéider weider dru schaffen, wougéint ee bei der Keramik awer éischer muss drubleiwen, an den Objet fäerdegstellen.

Dëst Joer feiert d'Galerie hiren 25 Gebuertsdag.

Marylène, wann een op 25 Joer zrëckkuckt, wat bleift do hänken, oder wat huet iech am meeschten gutt geden?

D'Marylène zeckt net mat hirer Äntwert.

Abee dat sinn di vill léif Leit, déi si kennegeléiert huet, Clientèle an Artisten, Mënschen mat deene sech perséinlech Relatiounen erginn hunn, a natierlech dee flotten Austausch mat Keramikskolleegen, di jo aus deem selwechte Metier kommen.

A wat och immens flott ass, ass de Fait, dass si hirer Duechter Nika (nieft der hirem natierlechen Talent) d'Léift zur Konscht konnt mat op de Wee ginn.

Schonn als klengt Meedchen huet d'Nika flott Saachen modelléiert, an huet sech haut ee Numm gemaach als Soundinstallateur (ganz speziell Installatiounen, di Konscht a Klang matenee verbannen, wéi zb hir fantastesch Expo an der Philharmonie am Kader vun „Rainydays“ 2019, oder och nach zu Esch „Radau Radar“ am Kader vun Esch 2020)

Marylène, Merci fir di flott Ablécker an engem Céramiste säi Liewen.



Wien sech wëllt e Bild vun dëser Handaarbecht maachen, dierf roueg hir fb Säit luusse goen entweder ënnert Marylène Schmit oder Galerie Celsius.

Di fir de 6. Juni geplangten traditionell Ausstellung dobaussen um Site vun der Galerie wäert leider coronabedéngt net stattfannen, mee d'Aussteller an d'Galeristin freeën sech natierlech iwwert all Besuch zu de gewinnten Öffnungszäiten.

Françoise Hetto-Gaasch
Kulturschaffén

Dir fannt all d'Kënschtler an Artisten aus der Gemeng, déi bis elo am MAG virgestallt goufen, op eisem Internetsite:

<https://www.junqlinster.lu/documents-et-media-categories/kenschtler-an-artisten-aus-der-gemeng/>